Mat Häerz a Séil

fir eis Gemeng Hesper

DEMOKRATESCH PARTEI

Hesper

Oben v.l.n.r. : Serge Bausch, Michel Torres, Denis Pleimling, Markus Stegmann, Henri Pleimling, Laurent Lamesch, Jeannine Geffroy-Weis
Unten v.l.n.r. : Thierry Kreins, Cindy Amado, Marthy Bracke-Wanderscheid, Claude Lamberty, Ali Thull, Myriam Feyder, Désirée Biver, Anna Bracke

Léif Matbierger, Léif Matbiergerinnen

Fir déi lescht Gemengewahlen am Joer 2011 hu mir lech e Wahlprogramm presentéiert, an dono eng Schäfferotserklärung zesumme mat onsem Koalitiounspartner. Mir hunn déi ëmgesat, an esouguer eng Rei Projete méi op den Instanzewee bruecht wéi geplangt. Dat ass well mir Dag fir Dag en oppent Ouer fir d'Problemer vun de Leit hunn a versichen dofir Léisungen ze fannen. Mir hunn an der Koalitioun eng Politik gemaach, déi alle Generatiounen, allen Dierfer an eiser Gemeng an alle Matbierger aus eise 5 Uertschaften zegutt kënnt. Mir hu vill Wäert op Kanner, Educatioun, Beweegung, d'Veräiner, Mobilitéit, Soziales, Sécherheet an d'Entwécklung vun eiser Gemeng geluecht. Mat Projeten déi fir déi nächst Generatioune Bestand hunn, hu mir probéiert d'Weichen ze stelle fir di nächst Joren. Fir d'Demokratesch Partei an hir Vertrieder am Schäffen- a Gemengerot, huet eng Saach ëmmer iewescht Prioritéit: d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner. D'DP ass prett fir d'Zukunft mat Häerz a Séil fir eis Gemeng Hesper ze gestalten. Op den nächste Säite fannt dir e kuerzen Iwwerbléck vun enger ganzer Rei vu wichtege Projeten déi mat der DP am Schäfferot an de leschte 6 Joer ëmgesat goufen. An der Hoffnung, dass dir léif Awunner aus der Gemeng, eis weider äert Vertraue schenkt, fir dass mir eis Aarbecht an ärem Sënn kënne weider maachen.

Wahlversammlungen

Kommt an diskutéiert mat den Hesper Kandidaten vun der DP

Venez discuter avec les candidats du Parti Démocratique de Hesperange

22. September	**Izeg** Café des Sports, 19 Auer
28. September	**Hesper** Centre Nic Braun, 19 Auer
04. Oktober	**Houwald** Buvette Centre Sportif an der Schoul, 19 Auer

hesper.dp.lu

BILAN DP 2011-2017

SCHOULEN & BETREIUNGS-STRUKTUREN

- Ausbau a Renovatioun vun der Alzenger Schoul
- Ëmbau vum Schoulhaff Houwald
- Transformatioun vun der aler Schoul Houwald (Couvent) fir 200 Kanner
- Nei Schoul Hesper mat Maison Relais (ab 2017/2018) fäerdeg
- Ausbau an Neigestaltung vun der Izeger Schoul
- « Hesper beweegt sech » – e Projet zesumme mat de Veräiner fir méi wi 700 Kanner aus eise Schoulen
- Crèche Charly als 2. Crèche nieft dem Jangeli fir bis zu 52 Kanner

ECOLES & STRUCTURES D'ACCUEIL

- Extension et rénovation de l'école à Alzingen
- Transformation de la cour d'école à Howald
- Aménagement de l'ancienne école à Howald (rue du Couvent) pour 200 enfants
- Nouvelle école à Hesperange avec maison relais (terminées pour la rentrée 2017/2018)
- Agrandissement et réaménagement de l'école d'Itzig
- « Hesper beweegt sech » – un projet réalisé avec les clubs sportifs locaux pour 700 écoliers
- Crèche Charly: 2e crèche de la commune pour 52 enfants

ZUKUNFTS-WEISEND PROJETE

- Nei Hale fir eis Gäertner nieft dem Oeko Center
- Drénkwaasserversuergung moderniséiert : zu Izeg den Drénkwaasserbehälter an de Waassertuerm Houwald
- Di néi Kasär fir eis Hesper Pompjeeë wäert an nächster Zäit fäerdeg ginn
- PAP Rothweit II zu Alzeng
- Projet zur Ëmgestaltung vun der „Place Paul Jomé" am Duerfkär vun Hesper

GRANDS PROJETS

- Nouveaux ateliers pour nos jardiniers à côté de l'Oeko Center
- Modernisation de l'alimentation en eau courante: à Itzig réservoir d'eau potable et château d'eau à Howald
- Prochainement les sapeurs-pompiers pourront intégrer leur nouvelle caserne
- PAP Rothweit II à Alzingen
- Projet de réaménagement de la Place Paul Jomé au Centre de Hesperange

SPORT, JUGEND & FRÄIZÄIT

- Nei Vestiairen um Holleschbierg fir de SWIFT Hesper
- Moderne synthetesche Futtballsterrain fir den FC Blo-Wäiss Izeg
- Neie Belag an der Tennishal um Houwald
- Nei Multifunktiounsspillplazen an der Gemeng
- Synthetesche Futtballsterrain am Park Houwald
- Ëmbau vum Chalet am Park fir am Summer de Beach Club an am Wanter de Wanterflair a Chrëschtmaart
- Substanziell Erhéijung Subside Jeunes
- Ënnerstëtzung beim Ausbau vun der 200 Meter Schéissclub Bunn
- KIOPA: Ausbau an Ëmgestaltung vun eisem Kiosk am Park

SPORTS, JEUNESSE & LOISIRS

- Nouveaux vestiaires pour le SWIFT Hesper
- Terrain de football synthétique pour le FC Blo-Wäiss Izeg
- Nouveau revêtement pour le hall de tennis à Howald
- Nouveaux aires de jeux à usage collectif dans la commune
- Terrain de football synthétique dans le parc de Howald
- Modification du chalet dans le parc pour accueillir en été le Beach Club et en hiver le marché de Noël
- Augmentation substantielle du subside jeunes
- Soutien financier lors de l'extension de la galerie de tir de 200 mètres
- KIOPA: réaménagement de notre scène plein air

Hesperbeweegtsech



SOZIALES

- Reebou: lokalen Tauschsystem an der Gemeng gouf agefouert
- CIGL: Nei Raimlechkeeten zu Alzeng. De CIGL ass fir eis eeler Matbewunner an der Gemeng eng wichteg Hëllef am Alldag an doriwwer eraus eng Plattform fir d'Leit di do schaffen nees an den 1.Aarbechtsmaart ze integréieren
- Ausbau vum Repas sur roues
- Projet fir 56 Wunnengen zesumme mat der SNHBM am PAP Rothweit II
- D'Seniorefeier um Enn vum Joer gouf weider opgewäert
- Nei Büroe fir den Office social vun Hesper

AFFAIRES SOCIALES

- Reebou: introduction du système d'échange local dans la commune
- CIGL: nouveaux locaux à Alzingen. Le CIGL offre une aide importante dans les tâches quotidiennes aux seniors de notre commune et permet à ses employés de retrouver du travail sur le premier marché de l'emploi
- Extension du repas sur roues
- PAP Rothweit II: 56 logements seront vendus par la SNHBM
- La fête pour seniors à la fin de l'année devient de plus en plus importante
- Nouveaux locaux pour notre Office social

KULTUR

- CELO: Concertssall fir 350 Leit, mat Restaurant a groussem Foyer fir Receptiounen, an Ausstellungen
- Ëmbau vum Haff Dennemeyer zu Fenteng : An Zukunft ass hei dat neit Doheem vun eiser Museksschoul, der Chorale Cantabile an de Fentenger Alouetten
- Zu Hesper gouf déi éischt Bicherbox ageweit. Gratis Bicher fir jiddereen, 7 Deeg op 7, 24 Stonnen den Dag

CULTURE

- CELO: salle de concert pour 350 personnes avec restaurant et grand foyer pour réceptions et expositions
- Transformation de la ferme Dennemeyer à Fentange pour accueillir prochainement l'école de musique, la chorale Cantabile et la chorale enfantine les Alouettes
- La «Bicherbox» (armoire à livres) est accessible à tous, 7 jours sur 7, 24 heures sur 24, gratuitement et sans inscription.

MOBILITÉIT

- Flexibus System gouf moderniséiert
- Elektromobilitéit : Nieft dem Veloh System goufen och d'E-Bikes an d'E-Cars an eiser Gemeng agefouert (City Mov)
- Nei Buslinn déi d'Leit direkt vun Alzeng, via Hesper, Houwald, Cloche d'Or a Leideleng bis op Bartreng féiert
- Zone 30 goufe konsequent weider ausgebaut : ab September esouguer op de Staatsstroosse virun de Schoulen Alzeng, Fenteng an Hesper
- Neigestaltung Hesper Strooss zu Alzeng en vue vum Lotissement Rothweit an dem Bau vun der neier Schoul zu Alzeng
- Beliichtung: Energiespuerend LED Technik gëtt flächendeckend ëmgesat

MOBILITÉ

- Modernisation du Flexibus
- Electromobilité: Après le système Veloh, la commune a introduit les E-Bikes et E-Cars (City Mov)
- Nouvelle ligne d'autobus qui relie Alzingen via Hesperange, Howald, Cloche d'Or avec Bertrange
- Instauration de nouvelles zones 30: à partir de septembre également sur les routes nationales devant les écoles d'Alzingen, de Fentange et de Hesperange
- Réaménagement de la rue de Hesperange à Alzingen en vue du lotissement Rothweit et de la construction d'une nouvelle école à Alzingen
- Eclairage public: technologie LED qui nous permet de réduire la consommation d'énergie